



N° 7162
Entrée le 11.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 11.11.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/11/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister & de Minister fir Wunnengsbau weiderzeleeden.

Duerch de Gesetzesprojet 7642 zum Mietgesetz wäert de Plaffong fir d'Loyere duerch nei Coefficienten änneren. Laut dem *Arrêté grand-ducal du 14 mars 2022 fixant les règles déontologiques des conseillers qui sont adjoints au Gouvernement* an dem *Arrêté grand-ducal du 14 mars 2022 fixant les règles déontologiques des membres du Gouvernement*, müssen d'Regierungsmemberen an d'Conseilleren dem Premier eng Deklaratioun virleeën, an der si ë.a. müssen d'Unzuel un Immobilië virleeën, déi si verlounen oder eidel stoen hunn.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass de Logementsminister selwer Propriétaire vun enger Immobilie déi e ka verlounen?
2. Kann de Logementsminister ausschléissen, dass hien duerch den neie Coefficient perséinlech vun der Ëmsetzung vum neie Mietgesetz profitéiert?
3. Kann de Premier ausschléissen, dass aner Regierungsmembere perséinlech kéinte méi héich Loyeren duerch de Projet de loi 7642 froen?
4. Wéi eng Regierungsmemberen a Conseilleren hunn de Punkt vun den Immobilien an hirer Deklaratioun uginn? Em wéi vill Immobilien handelt et sech jee weils?
 - Ginn dës Immobilië momentan verlount oder stinn se eidel?
 - Wat ass d'Baujoer vun deene jee weilegen Immobilien?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten



www.piraten.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Gemeinsam Äntwert vum Här Premierminister, Staatsminister a vum Här Wunnensbauminister op d'parlamentaresch Fro n°7162 vum 11. November 2022 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen

Déi vum honorabelen Deputéierte gestallte Froen zilen all drop of fir Renseignement ze kréien iwwert de privaten Immobilie-Besëtz vun de Regierungsmemberen an de Conseilleren. Esou Renseignement sinn engem besonnesche rechtliche Kader ënnerstallt, deen am Deontologie-Codex fir d'Regierungsmemberen an d'Conseilleren festgehalten ass. Dëse Codex gesäit ee vum Conseil de l'Europe gepréiften a validéierte Mechanismus vir, laut deem esou Informatiounen just dem Comité d'éthique zougänglech sinn.

Doriwwer eraus stellt den honorabelen Deputéierten och d'Fro, ob souwuel de Logementsminister wéi aner Regierungsmemberen perséinlech kéinten, duerch den neien Koeffizient méi héich Loyerer duerch d'Ëmsetzung vum Projet de loi 7642 "Mietgesetz" froen. Dëst ass eng reng spekulativ Fro. D'Regierung ennersträicht awer ausdrécklech, dass eng Hypothèse, an där eng gesetzlech Reform och engem Regierungsmember géif en Avantage bréngen, dëst keen Interessens-Konflikt duerstellt nëmmen doduerch well dee Regierungsmember en Deel vun der ganzer Populatioun ass déi och kann esou en Avantage dovunner hunn. Dësen allgemenge Prinzip fënnt sech zum Beispill och am Artikel 3 (1) vum Code de conduite fir d'Deputéieren erem.

Lëtzebuerg, de 5. Dezember 2022

De Premierminister, Staatsminister

(s.) Xavier BETTEL